

Discours – David Wagner

Léiw Kamerodinnen a Kameroden,

Et sin genau 20 Joer hir, do mir eise Kongress ofgehalen am deemolege Festsall vum Casino Syndical zu Bouneweeg. Et war Enn Januar, den 29., de Sall war net gutt gehëtzt, wat zu dëser Joereszäit net optimal war.

Mir hate vill méi Saachen wéi haut deen Dag ze décidéieren – och eise Numm, eréischt am Verlaf vum Kongress hu beschloss eis als déi Lénk ze bezeechnen.

Dee Moment huet och kee Députéierte geschwat, dee krute mer eréischt 5 Méint drop.

Mee dat wat eis wichteg deemols war, war datt och wa mir an d'Chamber erakéimen, dann géife mer eisen Asaz an dëser Institutioun net als e Selbstzweck gesin, mee als ee vu ville Mëttelen fir d'Kämpf an der Gesellschaft mat unzedreihen.

Si mer deem héigen Usproch ëmmer gerecht gin?

Heiansdo besser, heiansdo manner.

Mee mir hun et ni aus den Ae verluer.

Dofir as et ëmmer e speziellen Exerciss fir en Députéierten vun déi Lénk op ee vun eise Kongress sech reng em d'parlamentaresch Aktivitéiten vun der Sensibilitéit – sou gi mer offiziell genannt well merk eng Fraktioun sin – ze beschränken.

OP gutt lëtzebuergesch misste mer jo als „Empfindlechkeet“ bezeechend gin.

An et as jo net esou wéi wann de Marc oder ech selwer – och och eis Virgänger – net empfindlech wieren.

Am Charakter schon.

Mee och politesch.

Mir gefällt déi Bezeechnung, well jo, et stëmmt, mir sin empfindlech.

Bon, ech gin zou datt een och oft eng hart Haut brauch oder e gudde Sënn fir absurden Humor fir sech gewëssen Aussoen unzehéieren ouni wëllen mat der Fauscht an de Seilen aus falschem Marmor vum Parlament ze schloen.

Mee eis Empfindlechkeet dréckt sech an den Theemen aus, déi mer uschwätzen.

Jo, mir sin extra empfindlech wann den Finanzminister erkläert dem Land géif et gutt goen, well d'Ratingsagenturen eis den „Tripel A“ gin an trotzdeem d'Armut zu Lëtzebuerg wiisst.

Jo, mir sin empfindlech wa Groussgrondbesetzer dofir suergen datt d'Logementspräisser no uewen explodéieren an d'Regierungen kucke no wéi d'Awunner sech derduerch lues a lues veraarmen.

Jo, mir sin extra empfindlech wann d'Regierung esou mécht wéi wann se ökologesch géif handeln an den Etienne Schneider mat der Joghurtsfabrik Fage a Google kënnt déi ganz alléng schon den Energie a Waasserverbrauch explodéiere loossen.

Jo, mir sin empfindlech wann eng Regierung sech als feministesch gëtt a weiderhin d'Fraen hei zu Lëtzebuerg manner verdéngen well se am meeschten vun der Deelzäitarbecht betraff sin oder enger schlecht bezuelter Arbecht nogoe mussen.

Ah jo, mir sin extra empfindlech wann dës Regierung vu sech behapt si géif an d'Jugend investéieren an een do och mierkt datt grad déi Jonk sech ëmmer méi mat Kuerzzäitkontrakter oder schlecht organiséiert oder schlecht bezuelten – wann iwwehapt bezuelten – Stagen zefridee gi sollen.

Mir sin empfindlech wa mer gesin wéivill Räichtum hei am Land as a wéi wéineg déi déi et erschafft hun zréckkréien.

Oh, et gëtt emverdeelt.

Awer net esou wéi mir eis et virstellen.

D'Steieren fir d'Benefisser vun den Betriber sollen nach erofgoen, vun 18 op 17 Prozent.

Den Taux vu 15% op d'Benefisser gëtt elo grousszügeg - mat der Géisskaan wéi se ëmmer soen wann et em Sozialhëllef geet – erweidert vun xxx op xxx.

D'Regierung seet: jo, mee wa mer dat maachen, dann zéie mer wieder Betriber un an dann kommen méi Recetten eran.

Den Ronald Reagan huet déi esoteeresch Theorie an den 80er Joeren den „Trickle down effect“ genannt: de Räichtum géif no „ënnen“ erofdrépsen.

D'Arbechter kréien also méi Grimmelen vum Kuch.

E Kuch deen si awer selwer gebak hun!

Ma neen, esou funktionéiert dat net.

Wat geschitt mat den Steiererliichtungen op den Profitter?

Ma ganz einfach: am plaz an d'Keess vum Staat ze landen, landen se an der Täschen vum Grousspatronat.

Ah neen, déi ganz grouss Betriber déi kommen net dowéinst well d'Steieren vun 18 op 17 % erofgin.

Well esouvill Steieren huet nach ni e Multi hei zu Lëtzebuerg bezuelt!

Déi bezuelen elo schon 1 oder 0,5% - de Finanzminister soll eis keng Geschichten erzielen!

Wat wäert dann elo geschéien?

Wéi dir wësst, huet d'Regierung elo hir Projet fir den Budget présentéiert.

Normalerweis geschitt dat am Dezember, mee wéinst de Walen geschitt et elo.

A si mussen och e pluriannuelle Budget maachen, wou se dann och Projektione maachen vun de Recetten déi de Staat an den nächste Joeren kréie misst.

An do gesäit een datt fir déi nächste Joeren d'Recetten plus ou moins d'selwecht bliiwen.

Da freet een sech: mee, de Finanzminister huet eis grad erkläert datt duerch d'Steiererliichtungen méi Steieren erakomme wäerten.

Da stelle mer dem Minister déi Fro, wéi dat ka sin.

An hien äntwert: jo, mee dat kann een dach net virausgesin.

5 Minutte virdrun huet hien eis de Géigendeel erkläert.

Dat sin esou Moment wou ech virdrun erzielt hun, wou een entweder e gudde Sënn fir absurden Humor muss hun oder wou, net méi mat der Fauscht, mee éischer mam Kapp an der falscher Marmorseil renne wëll!

Kamerodinnen a Kameroden,

Et kann ee jo doriwwer laachen, wann et net esou seriö wier.

Well déi Emverdeelung vun ënnen no uewen, déi huet e Präis.

De Präis deen heescht datt mer net méi déi Suen hun fir nozekommen an eisen Infrastrukturen.

Dat heescht datt mer net nëmmen net méi nokommen fir den öffentlech Transport massiv auszebauen.

An datt grad déi, déi musse schaffe goen moies fréi schon wéi Sardinnen an den Zich eraklamme mussen, nodeems se schon vill ze vill laang drop geward hun.

Dat heescht datt mer manner kënnen investéieren an de Schoulen oder am Gesondheetssystem.

Dat heescht och datt déi Leit, déi fir den öffentlech Transport schaffen, déi fir d'Schoule schaffen, déi fir den Gesondheets- oder soziale Secteur net méi esou bezuelt gin wéi si et verdéngen.

Mee dofir hun si sech jo och e neien Trick afale gelooss.

Well wan et drëms geet um Bockel vun de schaffende Leitz e spueren, do as hirer Fantasie keng Grenze gesat.

Huele mer den Tram: dat as eng ganz gutt Saach. Dat as mam Zuch a mam Bus en neit Element am öffentlechen Transport.

An et misst jo, genausou wéi den Zuch an de Bus en öffentleche Serviss sin.

Ma neen, do grënne se eng Société anonyme.

Jo, natierlech, Staat a Gemeng vun zesummen 100% vun de Parts'en.

Mee, fir wéi laang nach?

A souwisou, vu datt et keen Etablissement public as, da gin d'Leit, déi dofir schaffen och net wéi an engem Etablissement public behandelt, mee gin deelweis souguer mam Mindestloun oder bal bezuelt.

Dat gëllt fir den Tram, mee dat gëllt och fir d'Post, déi jo och libéraliséiert gëtt a wou Bréiwdréier am neie Regimm schlecht bezuelt awer nach méi Tournée'e maache sollen.

Dat gëllt och fir d'sozial Déngschter: firwat mussen déi Leit, déi eng ganz schwéier an eng ganz nätzlech Arbecht maachen dat fir privat Gesellschafte maachen, déi nëmmen op Profitt aus sin an déi se auspressen bis zum Geht nicht mehr?

Glécklecherweis hun déi Leit sech kënnen verdeedegen, am OGBL organiséiert. Si hu gestreikt a si hu gewonnen och wann d'Patronat schändlecherweis d'Poliss geschéckt huet!

Grad wou d'läscht Joer den Héichpunkt vun hirer Mobiliséierung war, do konnt ech leider net derbäi sin.

Währenddeems wou si virun der Zitha manifestéiert hun, do louch ech och grad an der Zitha.

Ech hat e klenge gesondheetleche Soucis an ech war net grad an der Verfaassung fir op meng zwee Been ze demonstréieren.

An ech war rosen.

Ech war rosen well ech do loung – an ech mengen dat kënnen déi meescht hei am Sall novollzéien well mir all doduerch waren oder vläit eng Kéier wäerte sin.

Mee ech war och rosen, well ech gesin hun wéi déi Infirmièren an Infirmieren an Aide-soignant'en sech em mech bekëmmert hun, well vill méi wéi e Puppelchen kritt een do net méi hin.

Ech hu gesin wéi schwéier a nätzlech déi Arbecht as. An dobäi sin se nach kapabel Witzer ze rappen.

An do seet een sech: wann esou nätzlech Leit gezwonge gin ze streiken fir korrekt behandelt ze gin, da klappt eis Gesellschaft net!

Nätzlech Arbecht muss richteg bezuelt gin an net manner.

Ech weess firwat e Buschauffer oder Chaufferin gutt as. Ech weess firwat e Bréiwdréier oder dréierin gutt as, ech weess firwat déi Léit déi all Dag eis Poubellen siche kommen gutt sin, ech weess firwat Botzpersonal gutt as, ech weess firwat Infirmier an Infirmière gutt sin. Well wann se all géifen ophalen mat schaffen, da wier d' Gesellschaft ganz schlecht drun.

Par contre, ech weess net firwat e Trader oder e Spekulant gutt as.

Dat sin déi eenzeg wou wann se streike géifen, da géif et eis souguer besser goen!

Kamerodinnen a Kameroden,

D'läscht Joer huet de Marc Baum als Députéierten op eisem Kongress geschwat.

Et war nach virun de Walen, et war nach eng aner Chamber.

Elo gouf eng nei Chamber gewielt, déi sech dorauer auszeechend datt nach nëmmen 14 Fraen vun am ganzen 60 Députéierter dra setzen.

Mir wäerten dofir suergen datt der geschwënn 2 méi dra setzen.

Mee och wann d'Chamber nei besat gouf, hu mer schlussendlech déiselwecht Majoritéit.

D'LSAP huet 3 Setz verluer, d'DP 1 an déi Gréng hun der 3 bäikrut.

Et as also eng knapps Majoritéit vun engem Setz – mee et as trotzdeem eng Majoritéit.

Wat soll een sech dann do erwaarden?

Net vill, well mir et ganz kloer mat enger liberaler Majoritéit ze din hun.

A wann een nach déi 21 vun der CSV, déi 4 vun der ADR an déi 2 vun de Piraten dobäizielt, dann kann ee soen datt de Wirtschaftsliberalismus an all senge Schattéierung gutt an der Chamber vertraueden as.

Entsprécht dat dem Wëlle vun der wielender Bevölkerung?

Mir mengen net.

Mir gleewe kaum datt d'LSAP-Wieler Wirtschaftsliberalismus wollten. Mam Etienne Schneider kruten si en awer.

Mir menge mol net datt all CSV-Wieler dat wollt, si kruten deen awer well d'Finanzlobby-Fraktioun an der CSV den Toun ugëtt.

Dat as och de Fall bei der ADR.

Bei de Piraten – bon, do as et ëmmer schwéier den Duerchbléck ze halen.

U sech si mir déi eenzeg wou et kloer as woufir mir stin.

Et as net ëmmer einfach sech trei ze bleiwen.

Et gëtt och den einfache Wee vum Opportunismus, deen wou ee versicht sech d'Wielerschaft an e puer kleng Clientèlen opzedeelen.

Dat ka souguer bei Walen zu engem zäitweiligen Erfolleg bäidroen.

Trotzdeem as Kohärenz a Konsistenz op Dauer, op laang Dauer – och an Zäiten wou ee méi marginal as – déi beschten Art a Weis fir eng Kéier déi gréisser Unerkennung an den deemtspreichende Poids an der Gesellschaft ze kréien.

Mir héieren dat oft vu Leit déi eis net wielen. Si soen: „Ech hun iech zwar net gewielt mee iech muss ee loossen datt der ëmmer Kloertext schwätzt an éierlech sidd“

Et wäert en Dag kommen wou d'Leit wäerte soen: „Ech hun iech zwar ni gewielt, mee elo wäert ech et maachen well dir waart iech ëmmer trei an ech gesin elo datt der souguer Recht hat!“

Eng Saach däerf een net aus den Ae verléieren: et kann een duerchaus wuessen, Stëmmen a Setzer bäikréien.

Mee wat wichteg as, as dat wat een dorauser mécht.

An dëser Regierung as d'DP déi eenzeg Partei déi et hikrit dat se maachen wat si wëll. Si as eng liberal Partei. Si as d'Partei vun der Bourgeoisie. An hir Politik gesäit och esou aus.

Déi blo si souguer ganz staark.

Kuckt : si verkafen der LSAP eng Mindestlounerhéijung déi keng as an d'LSAP as zefridden.

Mat der sougenannter grénger Finanz verkafen se de Gréngen Ekologie déi keng as, a si sin zefridden.

An dofir nach eng Kéier der LSAP: Wat as eng Lounerhéijung an an deem Fall eng Mindestlounerhéijung?

Dat as ganz einfach: d'Leit gi schaffen, si schaafe Wäert, si schaafe Benefisser. An eng Lounerhéijung dat as déi Part vum Benefiss déi zréckgeet bei de Leit déi duerch hir Arbecht de Benefiss produzéiert huet an déi fléisst dann net an der Täscher vum Patron.

Dat wat se elo als Mindestloun verkafen huet näischt domadder ze din. Et as ganz einfach eng Steiererlichterung.

Also rëm manner Recette fir de Staat a weiderhin Profitter fir d'Patronat amplaz datt d'Patronat den Salarié'en déi Suen zréck gëtt wat hinnen zergutts kënnt.

An d'ëeser Regierung gewënnt d'DP op der ganzer Linn.

An dat mierkt een och beim Logement, woud'Logementsministesch, ob se wëll oder net, vun der DP blockéiert wäert gin well se ne tun d'Groussgrondbesetzer däerf goen.

Firwat?

Mee well d'Groussgrondbesetzer d'Clientèle vun der DP as!

Souwiso, d'DP huet vill Clientèlen.

Si nennen sech liberal. Si missten sech „Profitabel“ nennen.

A wa mir soen datt Liberaler fir dat grousst Geld schaffen, dann as dat net erfonnt. Dovunner hu mer net gedreemt.

Komm mir huelen d'Beispill vum Europaparlament – iwwert deen mer herno jo nach ze schwätze komme wäerten.

Ufanks dëser Woch as et an der franséischer Press erauskomm.

Am Europaparlament gin et wéi och an all national Parlamenter Fraktiounen.

Mir kennen jo eis Fraktioun d'GUE/NGL, déi souvill heescht wéi „Vereenegt europäesch Lénk / Nordesch Gréng Lénk“.

Der DP hir Fraktioun am Europaparlament heescht ALDE: „Allianz vu Liberalen an Demokraten an Europa“.

An do koum eraus datt déi Liberal Fraktioun am Europaparlament awer schéint Geld vun de Multie kritt: Bayer-Monsanto, Uber, Google oder Microsoft.

Dat geet esou, déi liberal Fraktioun am Europaparlament organiséiert Kongresser oder Meeting wou se zum Beispill iwwert Innovatioun oder Kompetitivitéit diskutéieren.

An do gin Verrieder vun deene Multien agelueden fir schwätzen.

Si brauche jo Expertisen. Ech kam er virstellen datt wa Liberaler iwwer Emweltschutz diskutéiere wëllen, da muss jo d'Meenung vun engem Verrieder vu Bayer-Monsanto dobäi sin.

A fir dierfen ze schwätzen bezuelen déi Multi'en dann och en „Droit d'entrée“ un der liberaler Fraktioun, sou em déi 18 bis 20 Dausend Euro.

Dat alles as legal, wat zwar schon en Hohn fir sech as.

Mee da versteet een och no wat fir enger Päif se danzen.

An dat si déi, déi elo bei Europawalen, also d'DP, erklären datt si elo Europa stärke wäerten, an fir d'Bierger wëllen do sin, asw...

Jo, déi Liberal sin fir d'Bierger do, awer wann ech gelifft 20 Ticket'en fir d'éischt dohi bliederen.

Ech mengen mir kënne stolz sin datt eis Fraktioun am Europaparlament kee Su vun de Multi'en kritt.

Si lueden zwar och Leit an: si lueden Gewerkschaften an, si lueden Emweltschützer an, si lueden Whistleblower an déi géint Steierevasioun kämpfen.

A kee muss e Cent ausgin, natierlech.

Schon nëmmen aus där Ursach kënne mir stolz sin mat esou Leit am Europaparlament ze schaffen an ech hoffen datt mer no den Europawalen nach méi intensiv mat hinne schaffe wäerten well mer och wëlles hun een oder eent op Bréissel ze schécken, wann d'Wieler dat esou wëllen, fir hannert de Magouillen vu Bayer-Monsanto déi eis vergëften oder aner Multi'en déi Steierhannerzéiung bedreien ze goen.

Lénker mussen an der EU gestärkt gin, well mir loossen eis net kafen!

Mir stinn ganz der Bevölkerung zur Verfügung. An dat gratis!

Dat as dat wat eis vun anerer ënnerscheid:

Mir kämpfen fir d'Liewen vun de Leit an net fir d'Profitter vun e puer!

Ech soen iech merci.